

agebaut ginn. Vum Avis vun der Chambre des Fonctionnaires ass de Wonsch mat agebaut ginn no enger Trennung an zwee Projeten; deen hei Projet vun deem getrennt, deen d'45-Jores-Limite sollt ofschafen. Dat zur Geschicht vun dësem Projet.

Also eng Geschicht, déi schonn eng grouss Mark huet a wou een d'Aarbecht vu ville Parteien dra gesäit, déi mir awer effektiv - an ech soen dat kloer an däitlech, an ech genéiere mech och net duerfir - wichteg schéngt an deenen Zilsatzungen, déi dëse Projet huet. Wat ass seng Zilsatzung? Wat ass seng eenzeg Zilsatzung? Seng eenzeg Zilsatzung, dat ass d'Effikassitéit vun der Verwaltung ze verbesseren.

Fir mech ass et e wesentleche Prinzip, datt gutt funktionnéierend Verwaltungen och eng Responsabilitéit, eng responsabel Féierung an eng effikass Féierung brauchen. Ouni eng Direktioun, déi effikass ass, ouni e Chef vun der Verwaltung, dee seng Responsabilitéiten dréit, dee seng Responsabilitéite wëllt huelen, fonctionnéiert eng Administratioun net uerdentlech. De Chef d'administration ass a mengen Aen den Aangelpunkt vun der Responsabilitéiten, d'Rad vun deem d'Responsabilitéiten ausginn.

Wéi an allem wat soll uerdentlech funktionnéieren, muss hie Kompetenzen hunn, muss hien och d'Bereitschaft hunn, fir d'Responsabilitéit ze huelen, a muss hien och d'Bereitschaft hunn, fir Décisiounen ze huelen. Hien ass och dee-jéinegen, op deen dee politesch Verantwortleche sech muss kënnen verloossen, fir seng eege Responsabilitéit kënnen duerchzesetzen. Wann Dir als politesch Responsabelen an eng Administratioun kommt, da musst Dir kënnen dee Programm, wat Äre politesche Programm ass, mat de Beamten och duerchsetzen, an Dir musst op Beamte kënnen zrëckgräifen, déi hir Responsabilitéiten huelen, soss geet dat alles net.

Ech mengen, dat ass fir mech de wesentlechen Aspekt. Dee Gesetext hei ass een Instrument méi, wat erlaabt, dat, wat als politesche Programm steet, och an d'Realitéit ëmzesetzen, an och ze garantéieren, datt dat geet; dat och dem Politiker erlaabt, seng Responsabilitéite schlussendlech ze huelen, andeem hie säi Programm um Terrain ëmgëst kritt, an him en Deel vun de Moyenen dofir gëtt.

Elo sinn eng Rei Argumenter opgefouert ginn, och hei an der Diskussioun. Et ass gesot gi vun der Chambre des Fonctionnaires, d'Regierung bräicht jo nëmmen ze kucken, wa se eng Décisioun géing huelen, fir „the right man or the right woman in the right place“ ze huelen. Den Här Grethen huet dat e weénege widderholl, andeem hie gesot huet, mä wann een een nennt, ma da muss ee kucken an decidéieren, datt een och dee Richtegen hält, well soss muss ee sech duerno Froe stellen, wat fir eng Décisioun een da bei enger Nominatioun geholl huet.

Also, wann dat alles esou einfach wär bei der Nominatioun, da géinge mer vill Saache ganz anescht ëmgëst kréien. Mä wat ass dann d'Realitéit? D'Realitéit ass, wann Dir eng Nominatioun maacht - ech kommen aus dem Enseignement -, wann Dir eng Nominatioun maacht vun engem Shoulddirekter, zum Beispill, als Minister, ma dann nennt Dir jo ganz oft deen Enseignant, vun deem Dir wësst, datt hie korrekt Schoul hält, datt hie säi Beruff als Proff gutt mécht an datt hien do sech richtig uerdentlech kann duerchsetzen.

Nun ass awer de Problem, datt d'Fachkompetenz net onbedéngt datselwecht ass wéi d'sozial Kompetenz, datt d'Fachkompetenz net onbedéngt datselwecht ass wéi d'Direktiouns- an d'Décisiounskompetenz. E gudde Proff, e gudde Ingenieur, e gudde Wëssenschaftler ass net onbedéngt Syno-

nym mat engem gudden Administratiounschef.

Dat Zweet, wat do hannendrun ze soen ass, dat ass, datt, wann Dir déi Décisioun huet, och Dir kee Stage hutt, och keng Proufzäit hutt, och keng Méiglechkeet hutt, fir ze kucken, ob dee-jéinegen, deen Direrausgewielt hutt, dee Kompetenzen aus engem anere Beräich huet, dann och déi noutwendeg Kompetenzen huet, fir déi Direktioun ze iwwerhuelen.

An dat mécht eben déi Situatioun net esou einfach, wéi se hei beschriwwen gëtt mat "right man in the right place". Dat ass e weénege eng einfach Descriptioun vun der Situatioun, déi mer hunn. Och an deenen Décisiounen kann ee sech nun einfach iren; an dann ass et awer extrem wichteg, datt deen Iertum net 10, 20, 25 Joer eng Verwaltung blockéiert, mä datt een no siwe Joer ka soen, datt en d'Méiglechkeet huet, fir eng aner Décisioun ze huelen.

En anere Reproche, dee gemaach ginn ass, ass, et géing heimat de Prinzip vun der Nomination a vie ënnerbrach ginn. Dat ass och vun der Chambre des Fonctionnaires gesot ginn. Mä ech soen, dat ass awer a kengem Moment an dësem Projet de Fall. Dee-jéinegen, dee genannt ass, dee bleift Fonctionnaire, an zwar à vie. Dat ass jo net hei a Fro gestallt. Dat, wat a Fro gestallt ass, dat ass, datt ee kann op deem Grad, op deem Responsabilitéitsgrad, wou een ass, wann ee gesäit, datt et net do geet, datt ee kann dee Responsabilitéitsgrad anescht benennen. An dee-jéinege fällt da mat Modalitéiten an déi Carrière zrëck, déi hie virdrun hat. Dat ass gréisstendeels de Grad 16. Ech muss soen, dat ass och beim Stat en extrem gutt bezuelte Grad. Ech mengen net, datt sech do en iergendwelche Problem - reelle Problem - géing stellen.

Da gëtt gesot, de Prinzip vun der Neutralitéit an der Independenz ass a Fro gestallt. Mä ech soen, dat ass sécherlech net méi wéi virdrun de Fall, just - dat wëll ech hei nach soen -, datt een hei eben d'Méiglechkeet kritt, fir en Iertum ze berichtege, an dat seet och den initialen Text am Exposé des motifs, dee sengerzäit d'Madame Polfer an den Här Schaack déposiert haten, wou drastes: «Jusqu'à présent l'incompétence du fonctionnaire et plus particulièrement de celui qui exerce des fonctions dirigeantes, qui ne constitue pas à proprement parler une faute disciplinaire, ne pouvait être sanctionnée.»

Genau dorëms geet et, a genau dat a just dat gëtt an dësem Text gemaach, wou dann nach opgepasst gëtt, datt eben den Délai vu siwe Joer geholl gëtt, net dee vu fënnef Joer, fir dat ebe vun der politescher Aktualitéit ze trennen.

An da kann een, Här Adam, eng Diskussioun féieren iwwert déi Cabinet-ministérielen, esou wéi se an anere Länner bestinn. Dat ass och eng Diskussioun, déi een net däerf scheien. Et ass awer just esou, datt hei kloer an däitlech eng aneren Objektiv geholl ass, eng aner Décisioun geholl ass, ënner anerem well mer awer hei zu Lëtzebuerg sinn, a well sech d'Problemer vun der Réaffectioun vu Leit, déi noutamment vu bausse kommen, ganz anescht géinge stellen, wéi dat an anere Länner de Fall ass. Mä wat ech prinzipiell wollt soen, et ass en aneren Objektiv, dee mat dësem Projet suivéiert gëtt.

Den Här Santer huet gesot, wéi et sech am Ausland géing verhalen. An all deene Länner niewendrun hu se esou oder ähnlech Systemer ganz oft mat manner Opfangmechanisme wéi déi, déi an dësen Text agebaut ginn.

Fir all déi, déi am Parlament nach net iwwerzeegt sinn, wëll ech dräi Beispiller nenne vu Beamten, déi vum Parlament ofhänken, wou dat ouni Diskussioun scho laang Joren decidéiert ass an exercéiert gëtt:

De Generalsekretär vun dësem Parlament muss all Joer frësch genannt ginn an huet eng Durée déterminée op ee Joer; d'Membere vun der Cour des Comptes hunn eng Durée déterminée op sechs Joer renouvelable, an de Médiateur huet eng Durée déterminée op aacht Joer non renouvelable. - Dat fir déi héich Posten, déi vum Parlament ofhänken.

An als Anekdot wëll ech just nach soen, datt mer hei mat 162 Postë momentan ze dinne hunn, déi vun dësem Text concernéiert sinn. Dovunner sinn der 65 Shoulddirekteren oder Directeur-adjointen, 20 Premier Conseillers oder Administrateurs an 18 Ministres plénipotentiaires - dat ass am Fong dat, ëm wat et hei geet.

Ech soen lech Merci fir d'No-lauchteren, an deene Fraktiounen, déi deen Text hei stëmmen, och Merci fir de Jo zum Text.

M. le Président. - Merci, Här Minister. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5149 ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm an enger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par Mme Nancy Arendt), Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Niki Bettendorf), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Henri Grethen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

11. Résolution de M. Charles Goerens au sujet de l'Iran

Ech wollt d'Chamber froen, wéini dass mer eis d'Resolutioun, déi den honorabelen Här Goerens haut de Mëtten deposéiert huet, solle virhuelen? Kënnen mer direkt ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Voilà, wie fir d'Resolutioun ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

D'Resolutioun ass à l'unanimité ugeholl.

Da komme mer zum leschte Punkt vun eiseem Ordre du jour vun haut, dem Projet de loi portant approbation de l'Accord sur les privilèges et immunités de la Cour pénale internationale. Bis elo ass just den Här Bettel ageschriwwen. D'Wuert huet elo den Här Ben Fayot, stellvertriedend fir de Rapporteur, den honorabelen Här Angel. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

12. 5431 - Projet de loi portant approbation de l'Accord sur les privilèges et immunités de la Cour pénale internationale, fait à New York, le 9 septembre 2002

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

M. Ben Fayot (LSAP), rapporteur, en remplacement de M. Marc Angel. - Här President, ech muss den Här Angel, Rapporteur vun dësem Projet, entschëllegen, dee fir d'Chamber am Ausland ass. Dir héiert also elo duerch mäi Mond den Här Angel als Rapporteur schwätzen.

Här President, d'Cour pénale internationale, also den internationale Strofgerichtshaff ass am Juli 1998 zu Roum duerch eng Konventioun decidéiert ginn.

(Interruption et hilarité)

Deem virus si gaangen déi international Tribunal fir Jugoslawien a fir Ruanda.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Déi Konventioun iwwert d'Cour pénale internationale ass den 1. Juli 2002 a Kraaft getratt. De Sëtz vun deem Gerichtshaff ass zu Den Haag. Bis elo hunn 139 Länner déi Konventioun, dee sou genannte Statut vu Roum, ënnerschriwwen. 99 Länner hunn dee ratifizéiert.

Déi Cour huet als Vocation fir iwwer eenzel Leit - also Individuen - Geriicht ze halen, an zwar iwwer véier grouss Zorte vu Crimen: Génocide, also Völkermord; Crimé géint d'Mënschheet; Krichsverbriechen an och Ugrëffscrimen, also Crimes d'agression.

Dat sinn déi véier Delikter, géint déi dëse Gerichtshaff soll virgoen. Bis haut huet de Procureur vun deem Gerichtshaff dräi Enquêtes ugestiwwelt: eng géint Crimen an der République Démocratique vum Kongo am Juni 2004, och an Uganda am Juli 2004, an am Darfour, also am Sudan, am Juni 2005.

Den 9. September 2002 gouf zu New York en Accord ënnerzeechent iwwert d'Privilegien an d'Immunitéite vum Personal vun deem internationale Strofgericht. Et muss ee wëssen, dass déi Cour pénale internationale keen Organ vun der UNO ass, mä eng onofhängeg Organisatioun, déi op engem internationale Vertrag baséiert. Duerfir kann also déi Cour pénale internationale net vun dem Schutz vun der Konventioun iwwert d'Privilegien an d'Immunitéite vun der UNO aus dem Joer 1946 bénéficiéieren. Et ass also néideg, eppes Neies, Spezifesch fir den internationale Strofgerichtshaff ze maachen. Dat ass deen Accord, deen eis hei virläit, iwwert dee mer haut ze decidéieren hunn.

Déi Privilegien an Immunitéite sinn natierlech konform oder liéiert un déi eenzel Fonctiounen, déi et op dem internationale Strofgerichtshaff gëtt. Sou zum Beispill si se verschidden oder verstärkt. De Procureur, de Procureur adjoint, d'Jugen an de Greffier kréien déiselwecht Privilegien an Immunitéite wéi d'Chefe vun diplomatesche Missiounen. Déi kënnen also souzoe komplett geschützt ginn, esou wéi Ambassadeuren a Chefe

vun diplomatesche Missiounen a frieme Länner. Virun allem sinn déi Privilegien an Immunitéiten iwwert hiert Mandat eraus gültig. Dat heescht, wann hiert Mandat erliwwer ass, sinn déi Privilegien an Immunitéiten nach a Kraaft.

Den zweeten Niveau betrëfft de Greffier adjoint, d'Personal vum Büro vum Procureur an dann och d'Personal vum Greffe. Esou geet et da weider erof. Do kënn dann och nach d'Personal wat lokal rekrutéiert gëtt, do wou dann eben déi Enquêt vum Procureur geschéien. An natierlech gëtt et och een Niveau Protektioun fir d'Vertrieder vun deene Staten, déi ebe virum Geriichtshaff optrieden.

Derbäi kommen nach niewent deene Privilegien an Immunitéiten op deenen eenzelnen Niveauen, déi ech opgezielt hunn, Dispositiounen, déi de Schutz vun occasionnell Kollaborateuren vun deem internationale Strofgerichtshaff concernéieren. Sou zum Beispill d'Défense oder Experten, Témoins - also Zeien, déi viru Geriicht optrieden -, natierlech och Victimen. Also alleguerten déi Leit, déi mat deem Strofgerichtshaff a Kontakt kommen, gi geschützt.

Dat sinn expressément Lektiounen, déi gezu gi sinn aus deenen Tribunal, déi fir Jugoslawien an och fir Ruanda opgeriicht gi waren a wou ebe constatéiert ginn ass, dass eng ganz Partie Faillë bestanen hunn, fir dat auszebigelen. Fir déi international Geriichtsbarkheet do wirklech funktionéieren ze doen, sinn dann och déi Dispositiounen an deen Accord hei komm.

Et muss een och nach ënnersträichen, dass fir den Abléck kee Lëtzebuerger Ressortissant op iergendeng Manéier mat deem Strofgeriichtshaff do ze dinne huet, sief et als Riichter, sief et als Expert oder a soss enger Fonctioun. Dat kann awer nach alles kommen. Selbstverständlech si mer jo hei eréischt am Ufank vum Fonctionnement vun esou engem Strofgerichtshaff.

Ech mengen, de Vote vun dësem Accord, dee mer haut huelen - an ech hoffen, dass dee Vote eestëmmeg wäert sinn - wäert dozou bäidroen, dass dës Strofgerichtsbarkheet, déi mer international asetzen, zu enger Moralisierung féiert vun der Welt a vun der Manéier, wéi an der Welt zwëschen Länner an zwëschen Individuë gehandelt gëtt, fir dass méi Moral an déi Konflikter erakënn.

Op déi Manéier sollen dann och kënnen Auteurs vun deene schreckleche Crimen, déi een dorëmmer constatéiert, verfollegt ginn. Et soll keen, deen esou e Crime begaangen huet, ongestrooft dovokommen. Ech mengen, dat ass eng wesentlech Mesure an der moderner Welt, well mer gesi jo, dass schrecklech vill Leed an Duercherneen dorëmmer geschitt.

Ech wëll also heimat dëse Bericht ofschléissen an trotzdeem dem Rapporteur, dem Här Angel, Merci soe fir déi Aarbecht, déi hien an der Kommissioun gemaach huet. Ech wëll och am Numm vu menger Fraktioun, der LSAP-Fraktioun, den Accord heizou bréngen an lech bieden, massiv dësem Accord zouzestëmmen.

Merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Här Fayot. Als Riedner ass den Här Xavier Bettel ageschriwwen. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Xavier Bettel (DP). - Här President, ech soen dem Här Fayot Merci, dass en dem Här Angel seng Ried esou gutt virgëlee huet.

Plusieurs voix. - Oohhh!!!

Une voix. - Dat ass dach gemeng!

■ **M. Xavier Bettel** (DP).- Här President, dat ass jo gesot ginn! Ech verstoppe jo näischt.

■ **Une autre voix**.- Ech ginn op d'Gericht mat lech.

■ **M. Xavier Bettel** (DP).- Den Här Angel sot, hien hätt se jo preparéiert. Op jidde Fall, Här Fayot, et war jo e ganz technesche Sujet, vun deem déi meescht heibanne vläicht och net alles verstanen hunn.

■ **Plusieurs voix**.- Ooohhh!!!
(*Interruptions diverses*)

■ **Une voix**.- Dës Kéier hat ech awer nogelauschtert.

(*Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence*)

■ **M. Xavier Bettel** (DP).- Op jidde Fall, Här President, soen ech lech Merci...

■ **Une voix**.- Et ass en neie Schnapp doruechter.

(*Interruptions diverses*)

■ **M. Xavier Bettel** (DP).- Op jidde Fall, Här President, soen ech dem Här Fayot Merci fir seng Erklärungen a bréngen och den Accord vun eiser Fraktioun zu deem heite Projet.

■ **Une voix**.- Ass dat net wonnerbar?

■ **M. le Président**.- Dir Dammen an Dir Hären, et ass kee Riedner méi ageschriwwen. Dann huet elo d'Regierung d'Wuert.

■ **M. Claude Wiseler**, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*.- Just fir all deene Merci ze soen, déi un deem Projet hei geschafft hunn.

(*Hilarité et applaudissements*)

Ech si frou, datt deem esou grouss Zoustëmmung féinnt.

■ **M. le Président**.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5431. Den Text steet am Document parlementaire 5431².

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5431 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen, bei kenger Enthaltung a kengem Neen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par Mme Nancy Arendt), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Fran-

çois Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Lucien Thiel) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Lydie Err), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roland Schreiner), Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Claude Meisch), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Hel-

minger (par M. Emile Calmes), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Dir Dammen an Dir Hären, gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Deem ass esou.

Da wollt ech lech nach soen, dass domadder eis Sëtzung vun haut eriwwer ass. Muer um hallwer dräi ass déi nächst Sëtzung.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

(**Fin de la séance publique à 18.21 heures**)

Ordre du jour

1. Dépôt d'un projet de loi
2. Communications
3. Débat d'orientation sur la Stratégie de Lisbonne
(*Débat - Motions - Votes*)
4. Motion de M. Aly Jaerling relative à l'information des Députés au sujet des débats au cours des réunions tripartites
(*Vote*)
5. Déclaration au sujet du projet de plan directeur sectoriel «Décharges pour déchets inertes», présentée par M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement, et M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; MM. François Biltgen, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler et Jean-Louis Schiltz, Ministres.

(**Début de la séance publique à 14.31 heures**)

■ **M. le Président**.- Ech maa-chen d'Sitzung op.

Ech wëll wëssen, ob d'Regierung dem Parlament eng Kommunikatioun ze maachen huet. Här Minister Krecké!

1. Dépôt d'un projet de loi

■ **M. Jeannot Krecké**, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.- Här President, et gesäit een, datt ech net méi d'Gewunnecht hunn, vu datt Dir d'Charte e bësse geännert hutt, vun deem wat een hei um Schierm huet.

(*Hilarité*)

Ech wollt lech soen, datt mat Datum vum 7. November de Grand-Duc dem Wirtschaftsminister d'Autorisatioun gëtt, e Projet de loi ze deposéieren, dee gemaach ass fir d'Kreatioun vun engem Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation et de la sécurité des produits et services.

5516 - *Projet de loi relatif à la création d'un Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation et de la sécurité des produits et services modifiant*

- la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des Contributions directes et Accises,

- la loi modifiée du 14 décembre 1967 portant institution d'un poste de Commissaire du Gouvernement, portant création d'un Service de l'Énergie de l'État, et concernant l'exploitation des centrales hydro-électriques d'Esch-sur-Sûre et de Rosport,

- la loi du 27 août 1997 relative à la sécurité générale des produits,

- la loi modifiée du 14 août 2000 relative au commerce électronique et abrogeant

- la loi du 22 mars 2000 relative à la création d'un Registre national d'accréditation, d'un Conseil national d'accréditation, de certification, de normalisation et de promotion de la qualité et d'un organisme luxembourgeois de normalisation, modifiant la loi du 14 décembre 1967 portant institution d'un poste de Commissaire du Gouvernement, portant création d'un Service de l'Énergie de l'État, et concernant l'exploitation des centrales hydro-électriques d'Esch-sur-Sûre et de Rosport.

Merci, Här President.

■ **M. le Président**.- Ech ginn lech Akt vum Dépôt vum Projet de loi 5516, deen un déi zoustänneg Chamberskommissioun weidergeleet gëtt.

2. Communications

Ech hu folgend Kommunikatioun un d'Chamber ze maachen:

Les projets de loi suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre des Députés:

1. **5514** - Projet de loi portant
 1. approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, la République fédérale d'Allemagne, le Royaume d'Espagne, la République française, le Grand-Duché de Luxembourg, le Royaume des Pays-Bas et la République d'Autriche relatif à l'approfondissement de la coopération transfrontalière, notamment en vue de lutter contre le terrorisme, la criminalité transfrontalière et la migration illégale, signé à Prüm le 27 mai 2005, et
 2. modification de la loi du 21 décembre 2004 portant approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, le Royaume des Pays-Bas et le Grand-Duché de Luxembourg en matière d'intervention policière transfrontalière, signé à Luxembourg, le 8 juin 2004

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 15.11.2005

2. **5515** - Projet de loi portant approbation

- du Traité entre le Royaume de Belgique, la République tchèque, le Royaume de Danemark, la République fédérale d'Allemagne, la République d'Estonie, la République hellénique, le Royaume d'Espagne, la République française, l'Irlande, la République italienne, la République de Chypre, la République de Lettonie, la République de Lituanie, le Grand-Duché de Luxembourg, la République de Hongrie, la République de Malte, le Royaume des Pays-Bas, la République d'Autriche, la République de Pologne, la République portugaise, la République de Slovaquie, la République slovaque, la République de Finlande, le Royaume de Suède, le Royaume de Grande-Bretagne et d'Irlande du Nord (États membres de l'Union européenne) et la République de Bulgarie et la Roumanie, relatif à l'adhésion de la République de Bulgarie et de la Roumanie à l'Union européenne

- de l'Acte final signés à Luxembourg, le 25 avril 2005

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 15.11.2005

Op eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg steet d'Orientéierungsdebatt iwwert d'Stratégie de Lisbonne. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Sauber, den Här Meisch, den Här Bodry, den Här Kox, den Här Henckes an den Här Jaerling. Als éischte Riedner huet den honorabelen Här Marcel Sauber d'Wuert. Här Sauber!

3. Débat d'orientation sur la Stratégie de Lisbonne

■ **M. Marcel Sauber** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kollegen. Dat, wat een haut den Agenda vu Lissabon nennt, am Fong also d'Konklusioun vum Sommet vu Lissabon am Joer 2000, huet folgend Zilsetzung, an ech zitéieren do: «La stratégie de Lisbonne vise à faire de l'Union européenne l'économie de la connaissance la plus compétitive et la plus dynamique du monde, capable d'une croissance économique durable accompagnée d'une amélioration quantitative et qualitative de l'emploi, d'une plus grande cohésion sociale et d'un respect de l'environnement.» Dat Ganzt op den Horizont vun 2010 gekuckt.

Op Lëtzebuergesch iwwersat musse mer eis deemno folgend Froe stellen: Wéi kënnen mer déi europäesch Wirtschaft esou fit maachen, datt se net nëmme konkurrenzfähg gëtt vis-à-vis vun deene grouss Wertschafsbloëk op der Welt, mä och eng Äntwert gëtt op eng Viraussetzung: Wéi realiséiere mer d'Transitioun vun eiser traditioneller Ekonomie an eng Wëssensgesellschaft? Wéi kënnen mer d'Vollbeschäftegung erreechen, a wéi sollen d'Akzenter vreechen eenzelne Länner gesat ginn, fir déi national Wirtschaft ze stabiliséieren an erëm nei unzekerbelen?

D'CSV begréisst et, datt ënnert der Lëtzebuerger Présidence am Joer 2005 den Objectif Lissabon méi wäit gespaant gouf an niewent dem Wirtschaftsaspekt och zwou weider gläichrangeg Komponente mat erageholl goufen, nämlech déi sozial a mënschlech Komponent ënner all hire Facetten an d'Notioun vun der Nohaltegkeet.

Op europäeschem Plang gouf dat, wat mer nennen „grandes orientations de politique économique“ engersäits, de „Pacte de stabilité et de croissance“ anerersäits, konkretiséiert, dat Ganzt ergänzt duerch

Iwwerleeungen zum Erreeche vun der Vollbeschäftegung.

Dem fréieren hollännesche Premier Wim Kok säi Bericht iwwert de Fortgank oder besser gesot de quasi-échec vun der Ëmsetzung vun dem Lissabonner Agenda am November 2004 huet als Resultat gehat, datt neie Wand an déi Gesamtproblematik erakoum.

Déi eenzel Länner droen an hire respektive Plans nationaux deene vun der Bréisseler Kommissioun ausgeschaffte Recommandatiounen, deene sou genannte Lignes directrices dann och Rechnung. Heibäi leet all Land seng Gewichtung vun deene Mesuren, déi et proposéiert, esou fest wéi et him noutwendeg schéngt. Dat Ganzt an der Optik „pour une Europe compétitive, sociale et durable“.

D'Chamber ass haut befaasst mat dem Lëtzebuerger nationale Plang fir Innovatioun a Vollbeschäftegung. Dat Dokument dréit elo nach de Charakter vun engem Projet a soll no eisem Débat formaliséiert an dann un d'Bréisseler Kommissioun weidergeleet ginn.

Am Délai si mer net méi esou ganz. D'Date limite fir d'Plans nationaux ofzegi war de 15. Oktober 2005, mä do wäerte mer elo och net eleng do stoen. D'Kommissioun evaluéiert dann déi national Pläng a soll am Januar 2006 en Zwëschebericht ofginn. Virun dësem contrainantë Kalenner sti mer also am Versuchszwang, an d'Méiglechkeeten, fir substanziiell Ännerungen an de Lëtzebuerger Projet eranzekreien, schéngt mer éischter limitéiert ze sinn.

D'CSV begréisst et, datt de Projet de plan national op enger breeder Consultatioun opbaut. D'Beruffsgesellschaften an d'Sozialpartner goufe mat agebonnen. Déi concernéiert Chamberskommissiounen, ënnert der Koordinatioun vun der Ekonomieskommissioun, hunn hir Point-de-vue un d'Regierung weidergeleet. D'Tripartite huet iwwert de Projet getaagt, wou menges Wëssens awer keen definitive Konsens sech herausgeschield huet. A schlussendlech ass elo d'Chamber an hirem Plenum domat befaasst.

Bei der Lecture vun deem virleiede Projet war mäi Gefill an enger éischter Approche, datt ganz vill an dësem Pabeier enthalen ass, datt ganz wichteg a verschiddeleche ganz déif gräifend Reformen a Mesuren ugeschnidde ginn, datt deelweis souguer vill Eenzelmoosname méi kloer definéiert goufen, datt anerer nach weider misste studéiert ginn, awer och